ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Lipödem ass eng Erkrankung, déi gekennzeechent ass duerch eng Fettverdeelungsstéierung an de Been an an den Äerm. Et ass eng Krankheet, déi haaptsächlech Frae kréien an nëmme seele Männer. Gréisstendeels trëtt dës Krankheet am Alter tëscht 20 an 30 Joer op, net awer virun der Pubertéit.

Déi betraffe Leit leiden ënnert där Krankheet, physesch, duerch staark Péng, Spannungsgefiller a Middegkeet an de Been, Beweegungsschwieregkeete bis zum Ugewisesinn op e Rollstull.

Aktuell geet d'Fuerschung dovun aus, datt Lipödem haaptsächlech genetesch verursaacht ass, also eng ierflech Krankheet ass an datt awer hormonell Veränneerungen en Afloss hunn. Wéi schlëmm d'Ausprägung vum Lipödem ass, gëtt an dräi Stadien ënnerdeelt.

D'Krankheet kann net vollstänneg geheelt ginn, awer de Krankheetsverlaf kann däitlech moderéiert ginn. Duerch eng Operatioun kann dem Patient ganz vill gehollef ginn, och besonnesch dann, wa si fréi gemaach gëtt.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Leit, Fraen a Männer, hunn zu Lëtzebuerg noweislech Lipödem?
2. Experte ginn dovun aus, datt 10% vun der däitscher weiblecher Bevëlkerung ënnert der Krankheet Lipödem leiden. Op wéi vill Prozent gëtt den Undeel vu betraffene Leit hei zu Lëtzebuerg geschat?
3. Wéi vill Lipödem-Operatioune goufen an de leschten dräi Joer bei Awunner vu Lëtzebuerg duerchgefouert? A wéi enge Länner sinn des Operatioune gemaach ginn?
4. Ginn dës Operatioune rembourséiert an zu wat fir engem Deel? Ginn et Konditioune fir de Remboursement? Wa jo, wat fir eng? Wéi vill vun dësen Operatiounen an de leschten dräi Joer goufe vun der Krankekeess rembourséiert an zu wat fir engem Deel?

5. Zënter 2018 sollen och Operatioune vum Lipödem am Stadium 3 iwwerholl ginn. Wéi vill Demandë fir de Remboursement vun enger Operatioun vum Lipödem am Stadium 3 krut d'Krankekeess an de Joren 2019 an 2020? Wéi vill vun deenen Demandë sinn da ganz oder zum Deel rembourséiert ginn?
6. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Iwwerhuele vun de Käschte vun der Operatioun vum Stadium 3 gutt funktionéiert?
7. Wat kéinte mir hei zu Lëtzebuerg nach besser maachen, fir de Leit mat Lipödem ze hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten